

PODPURRI - MIR SCHWÄTZE KULTUR

D'Artistin Julie Wagener an de President vum CAL Marc Hostert

Vum Christiane Kremer | Update: 08.11.2021 21:25



PodPurri - mir schwätze Kultur heescht eng Emissioun, bei där mir eis all Woch vum Invité op déi Plaz invitéiere loossen, wou hien eis ëmfänke wëll.

Et ass sécher mat déi eelste Kultur-Institutioun am Land. 1893 ass de Cercle Artistique zu Luxembourg- kuerz CAL - gegrënnt ginn. An zënter 125 Joer organiséiert en all Joer säi Salon, bei deem een e Bléck op déi zäitgenëssesch Konscht vun hei ka kréien. An en zeechent och Kënschtler aus. Dëst Joer ass et un der Rei vum renomméierte Prix Grand-Duc Adolphe. All zwee Joer geet awer och e Präis un e jonke Kënschtler ënner 35 Joer. Laureatin ass déi Kéier d'Illustratorin a Molerin Julie Wagener, déi mat hirem dräideelege Wierk "It hurts until it doesn't" de Jury iwwerzeegt huet.

Mattsen an der Expo am Alen Tramsschapp um Lampertsbiërg huet d'Christiane Kremer sech fir e Podcast-Interview mam Julie Wagener a mam President vum CAL Marc Hostert ënnerhalen. Rieds goung dobäi iwwer d'Organisatioun vum Salon an d'Aarbecht vum Artist - och a Pandemies-Zäiten -, iwwer d'Critère vun de Präisser, awer och iwwer déi ablécklech Erausfuerderung fir u Material ze kommen an iwwer der Julie Wagener hir Faszinatioun fir Hänn.



It Hurts Until It Doesn't I, Huile sur panneau, 59x204cm



It Hurts Until It Doesn't II, Huile sur panneau, 59x204cm



It Hurts Until It Doesn't III, Huile sur panneau, 59x204c

Prix Révélation fir "it hurts until it's over" 1-2 vum Julie Wagener

Podpurri - mir schwätze Kultur, dat ass 3 Mol d'Woch um Radio, op RTL.lu, op [RTL Play](#) an als Podcast op Spotify an iTunes.

[RTL Podcasts abonnéieren](#)

▶ MORE EPISODES

Konscht, Theater, Bicher, Musek, Liesungen, Filmer - mir schwätze Kultur a ginn eisen Invité vun der Woch do besichen, wou en eis ëmfänke wëll.

▶

Podpurri Episod 50: Julie Wagener a Marc Hostert

D'Laureatin "Prix Révélation" Salon an de President vum CAL

▶

Podpurri Episod 49: The Disliked

Zanter bal 20 Joer maachen se schonn zesumme Musek.

▶

Podpurri Episod 48: Sandra Lieners

An der Molerei ass si doheem, méi genee an der Ueleg-Molerei.

Links

- [Podpurri Episod 50: Julie Wagener a Marc Hostert](#)